N° 360
Entrée le 22.11.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. November 2022

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, eng mëndlech Fro (Art. 83) un d'Madamm Ëmweltministesch stellen ze däerfen.

Ab dem 31.12.2024 mussen oppe Güllebehälter a Lagunen ofgedeckt ginn. Heifir muss eng Geneemegung um Landwirtschaftsministère ugefrot ginn, wann dës Güllebehälter oder Lagunen an der Gréngzon leien. An deem Kontext wollt ech d'Madamm Ëmweltministesch froen, firwat dës Geneemegung noutwenneg ass, vue que datt d'Baueren, wann dës oppe Güllebehälter a Lagunen an der Gréngzon hunn, souwisou jo schonn eng Geneemegung hu missen ufroen an d'Ofdeckung jo just eng Obligatioun ass, där d'Baueren och ouni Ufro vun der Geneemegung kënnen nokommen. An den Ae vu ville Baueren ass d'Ufroe vun där Geneemegung en onnéidegen administrativen Opwand an et gëtt gefährt, datt d'Prozedure fir d'Ufroen sech zäitlech esou erauszéien, datt d'Baueren déi genannte Geneemegung net kënne bis den 31.12.2024 erhalen.

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten